# OPRUFF ZUM PRIDE MONTH 2018

Léif Jugendveräiner,

ab dem 1. Juni wäerte mir vun der Eppelduerfer Jugend, zesumme mam Daachverband vun de lëtzebuerger Jugendklibb (DVLJ), eist Logo an den 🏳️‍🌈 LGBT*-Reeboufaarwe weisen. Mir heeschen domat LGBT*-Leit (lesbesch, schwul, bisexuell, trans an aner) ënnert eise Membere wëllkomm a setzen aktiv en Zeeche géint LGBT*-Feindlechkeet.

Firwat dat ganzt? Nach ëmmer verstoppen sech ze vill LGBT* Leit op der ganzer Welt, aus Angscht se géife wéinst hirer Sexualitéit oder hirem Geschlecht ausgeschloss ginn. Och Lëtzebuerg ass do keng Ausnam. Et geet een dovun aus, dass ongeféier all 10. Mënsch net heterosexuell ass. Dobäi si Wierder wéi *schwul* oder *lesbesch* bal ausschliisslech negativ a gebrauch. Fir déi, déi et héieren, kennen eleng schonn dës Andréck zu Perséinlech-keetsstéierungen, Isolatioun bis hin zu absoluter Resignatioun féieren.

Loosst eis mat Faarf en Zeechen dogéint setzen! Schwul, lesbesch, trans an aner (*) Jugend-lecher solle keen Zweifel dorun hunn, dass se an de Jugendveräiner wëllkomm sinn, esou wéi se sinn. Faarweg stelle mir eis nieft eis Matmënschen a weisen, dass do keng Platz fir LGBT*-Feindlechkeet ass.

Maacht och dir mat a schéckt eis äert Logo. Mir fierwen et fir iech an. Et ass dann un iech, d'Logo wärend dem Pride Month Juni an de sozialen Netzwierker oder Websäiten online ze stellen. Invitéiert och äer Nopeschveräiner fir deelzehuelen. Mir sammelen all d'Logoen op www.pride.lu an ergänzen d'Säit mat weideren Informatiounen zu dëser Aktioun.

Fir deelzehuelen a fir all weider Fro si mir iwwer contact@eppelduerferjugend.lu z'erreechen. Mir freeën eis op äre Feedback a soe Merci am Viraus fir äre Courage!

De Comité vun der Eppelduerfer Jugend Asbl.

— Websäit zum Pride Month 2017: www.pride.lu
— Le Quotidien Artikel zum Pride Month 2017: bit.ly/2lo3FXG